



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 113 vun den honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo an Här Yves Cruchten zu där neier EU-Fürerschäinsdirektiv schreift d'Madamm Verkéiersminister zu der Toleranzgrenz fir während der Stagezäit enner Alkoholafloss ze fueren, datt dës Limitt fir de Fall, datt den Text a senger aktueller Form ugeholl gëtt, géif vun 0,2 op 0,0 gesenkt ginn. D'Madamm Verkéiersminister betount, datt déi Reegelung Fürerschäinsstagiare rechtlech an eng prekär Situatioun géif setzen, well och verschriwwen Medikamenter kënnen Alkohol enthalen, dee bäi enger Kontroll kéint zum Droe kommen.

Am Hibleck op d'Altersgrenz fir de Fürerschäin déi éischte Kéier aus gesondheetleche Grënn missen ze erneieren, schreift d'Madamm Minister, datt am Artikel 10 urspringlech virgesi war, dës Limitt EU-wäit op 70 Joer unzehiewen. Weider heescht et awer vun der Madamm Minister, datt dës Propose net zulescht op Drock vun der Lëtzebuerger Regierung gestrach gouf. Op nationalem Niveau bleift weiderhin d'Reegelung a Kraaft, datt eng Verlängerung vum Fürerschäin vum Alter vu 60 Joer u muss vum Dokter bestätegt ginn. Déi Limitt läit domat weiderhi fënnf Joer ënnert dem legale Pensiounsalter a steet och am Géigesaz zu der Entwécklung vun der allgemenger Liewenserwaardung an der gesellschaftlecher Gesondheet. Des Weidere ginn d'Leit domat an eng Situatioun gesat, wou de Staat zwar automatesch dovun ausgeet, datt si nach fit genuch sinn, fir schaffen ze goen, awer net méi, fir mam Auto bis op d'Aarbecht ze fueren.

An deem Zesammenhang géife mir der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi si de Risiko aschätzt, datt déi nei Reegelung zu der Kulanz fir enner Alkoholafloss ze fuere fir Stagiaren, iergendwann och (nees) op Berufschaufferen ausgeweit gëtt?
- 2) Kann d'Madamm Minister matdeelen ob si virgesäit, géint des Direktiv ze stëmmen, falls deenen an der Fro virdrun thematiséierte Lëtzebuerger Bedenke bei de weidere Verhandlungen net Rechnung gedroe gëtt, respektiv ob si sech wäert fir eng national Ausnameregelung asetzen? Falls net, firwat net?
- 3) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi hir Decisioun motivéiert war, fir sech géint déi am Artikel 10 virgesi Proposition zu der Erhéijung vun der Alterslimitt fir gesondheetlech Kontrollen anzesetzen? Wéi begrënnt d'Madamm Minister déi Decisioun besonnesch am Hibleck op d'Entwécklung vun där allgemenger Liewenserwaardung an dem Interessekonflikt am Bezuch op de Pensiounsalter?

- 4) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob si sech op nationalem Plang eventuell eng entspriechend automatesch Verlängerung vum Führerschäi bis op den Niveau vum legale Pensiounsalter souwéi eng entspriechend Upassung vun der Alterstabelle no uewe kéint virstellen, fir deene genannte gesellschaftlechen Entwécklung Rechnung ze droen an och de Gesondheetssystem duerch d'Reduktioun vun onnéidege Kontrollen ze entlaaschten?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Alexandra Schoos
Deputéiert